LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 27 FEV. 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 FEV. 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°338 du 8 février 2019 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant l'accessibilité des arrêts de bus, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 338 vum 8. Februar 2019 vum Här Deputéierte Sven Clement**

1. *Wéi vill Busarrêten sinn, opgelescht no Gemeng, aktuell net iwwert en Trottoir mat enger Wunnzone verbonen ?*

Et gi ronn 5 000 Busarrêten uechter d'ganzt Land. Laut dem Gesetz vum 29. Juni 2004 iwwer den ëffentlechen Transport sinn d'Gemengen zoustänneg fir den Amenagement vun de Busarrêten, an de Minister ka Virgabe fir dësen Amenagement machen. Dës Recommandatioune sinn um Internetsite vun der Mobilitéitszentral souwéi um Portail Transports veröffentlecht.

Mir läit kee Relevé vu Busarrêten, déi net iwwert en Trottoir mat enger Wunnzon verbonne sinn, vir. Aus deem Grond ass et mir net méiglech, eng präzis Äntwert op dës Fro ze ginn.

2. *Huet de Minister fir, Dierfer a Lieu-dit'en, déi aktuell kee Busarrêt hunn, deen iwwert e Foussgängerwee erreechbar ass, besser un d'Busnetz unzeschléissen ? Huet de Minister an deem Kontext fir, méi Busarrêten oder méi Trottoirë bauen ze loossen? Op wéi enge Platze si konkret Projete virgesinn?*

Am Kader vun den neie Projete vun der Stroossebauverwaltung ginn d'Trottoiren an d'Busarrête wa méiglech ëmmer esou amenagéiert, dass se den aktuelle Rekommandatiounen entspriechen. Wat den Amenagement vun zousätzleche Busarrêten / Trottoiren ugeet, esou läit d'Initiativ bei de jeweilege Gemengen; d'Aarbechte kënnen uschléissend op Basis vun enger Permission de voirie ausgefouert ginn, wa se laanscht de Stroosseréseau vum Staat solle stattfannen.

Generell ass d'Optimiséierung vum ëffentlechen Transport eent vun de groussen Ziler vun der Regierung (→ Modu 2.0), et ass also ugeduecht fir esou vill wéi méiglech Leit un den ëffentlechen Transport kënnen unzebannen. Et däerf een awer net vergiessen, dass nieft dem Staat och d'Gemengen een Deel vun der Verantwortung fir eng méi nohalteg Mobilitéit droen, genee wéi och d'Employeuren / d'Schoulen an d'Bierger selwer.

3. *Ass virum Hannergrond, datt Léit och wann de Bus gratis ass, dësen net huelen wäerten, wann se dofir geféierlech Stroossen passéiere mussen, domat ze rechnen, dass an dësem Beräich Verbesserunge virgeholl ginn, éier den ëffentlechen Transport gratis gëtt?*

Meng Servicer schaffen aktuell un enger Rei Projeten, déi zur Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport solle bäidroen. Generell gëtt also permanent dru geschafft, d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport ze erhéijen. Wéi allerdengs scho beim zweete Punkt erkläert, mussen d'Gemengen dozou awer och hiren Deel bäidroen an d'Initiativ fir den Amenagement vun deene gëeegenten Infrastrukturen huele fir esou fir d'Sécherheet vun hire Bierger ze suergen.